

# Dem Elchi säin Newsletter

Léif Elchekanner,

den Elchi mellt sech mat den neisten News aus dem Schwarzwald zeréck.

## Réckbléck

Virun engem knappe Mount hu mir mam Hot SLUF Summer méi wéi erfollegräich an dat neit Semester gestart. Den Elchi huet den Owend richtig chaud fonnt an hofft, iech ass et genausou ergaangen! 🍷🍷

Ufank Mee war de SLUF da ganz sportlech ënnerwee: den Elchi hat sech en neit Format fir säin Intercercle afale gelooss, sou datt hie mat senge Kollegegen a Kollegeginnen aus ganz Europa bei der Dreisam e ganzen Dag flott gespiked, kille Béier gedronk a sech gutt ameséiert huet. Gratulatioun dem Pit an dem Michel vu München, déi sech beim Spikeball-Turnoi duerchsetze konnten. Den Elchi huet definitiv Loscht fir eng 2. Editioun nächst Joer an hofft dir och! 🍷



Kuerz dono hunn eng Ronn 20 Ex-Erstien hir Familljen, Dafgiedelen an Dafpättere stolz gemaach, wéi si an enger ganz kompetitiver Daf a Gruppe géinteneen ugetruede sinn. Mat der traditioneller Béierdaf uewen um Kanonenplatz, sinn si dann elo och endlech zu engem vollwäertege SLUF-Member opgestigen. Den Elchi felicitéiert dem Team “Mëttelalter”, déi den Owend fir sech entscheede konnten, genausou wéi déi nei gekréinte Miss a Mister SLUF – dem Lily an dem Nick. 🍷

## ING Marathon 2022

Den **28. Mee** ass no zwee laange Joren endlech erëm den ING-Marathon – an dat mam Elchi!

Mir hunn (natierlech) den allerbeschte Gedréinksstand vum ganzen Event. Kommt dowéinst bis laanscht op de Glacis an drénkt zesumme mat eis e kille Béier oder e gudde Joster-Shot! Fir musikalesch Stëmmung ass natierlech och gesuert. 🍷🍷🍷

Maacht gären all nach kräfteg Reklamm an ärem Frëndeskrees!



## Pub-Quiz

Den **1. Juni** sinn är gro Gehierzellen nees gefrot, well do organiséiert de Sluf déi nächst Oplag vu sengem Quizowend am Cheers! 🍷


Um 19:45 Auer gitt dir an är Gruppen agedeelt an ab 20 Auer ginn da Froen aus verschiddene Kategorië gestallt. Kommt laanscht a stellt är Intelligenz ënner Beweis - och onnëtz Wësse ka vu Virdeel sinn! A keng Angscht, roden ass natierlech och erlaabt. 😊 🤔

**Opgepasst:** De Pubquiz organiséiere mir fir eis Memberen (a Suff-Touristen). Leit, déi nach kee Member sinn, kënnen awer nach gären zum Elchekand ginn, andeems si den Owend selwer eng Memberskaart bei engem Comitésmember kafen (an eis domat hir Séil verkafen).



D'Gruppe wäerten am Viraus geloust an 30 Minutte virum Start verëffentlecht ginn. Mellt iech dofir w.e.g. ënnert folgendem Link un, wann dir um Quiz wëllt deelhuefen:

<https://forms.gle/kP9Nd57ErLN2vF5r6>



## Blutspend-Marathon

De 14. Mee huet de Blutspendmarathon vun der ALEM ugefaangen. Nodeems mir als SLUF d'lescht Joer déi 1. Plaz just ëm 600 mL verpasst hunn, sinn d'Ambitiounen dëst Joer grouss. **Virun allem awer rett dir duerch eng Blutspend anere Mënschen hiert d'Liewen!** Mir ruffen dowéinst jiddereen op bei dëser gudder Aktioun mat ze maachen no eisem Motto: rett Liewen an dem Elchi seng Liewer!

Gitt **bis de 14. Juni** also all fläisseg Blut spenden a schéckt der ALEM e Beweis mat ärem Numm sou wéi den vum Cercel (SLUF!) via Facebook oder Instagram oder per Mail op [contact@alem.lu](mailto:contact@alem.lu) eran. 😊

Fir méi Infoen: <https://fb.me/e/1mv2t3ird>

## Nationalfeierdag

Wéi all gudde Patriot feiert den Elchi natierlech donneschdes den **23. Juni** net de Gebuertsdag vum Grand-Duc, mee datt mir en Dag fräi hunn fir zesummen een ze hëppen. Den Heng ass scho quasi garantéiert. Weider Infoe wäerten nach nokommen. 🤔

## Socccergolf

Fir déi, déi nom Spikeball-Intercercle net genuch vu Sport kënnen kréien, gi mir de **25. Juni** géint 15h30 am Soccerpark Ortenau (<https://www.soccerpark-ortenau.de/>) Socccergolf spillen. Wann dir wëllt matgoen, da mellt iech w.e.g. bis zum 15. Juni (23h59) iwwert dëse Formulaire un:

<https://forms.gle/etU1Wz2zcpmjFKJq6>

Dat Ganzt kascht iech 10€. An dem Präis abegraff ass eng Partie Socccergolf (vun ca. 2h) an e Gedréns.

Iwwerweist d'Sue w.e.g. och bis zum 15.6 op eise Konto: LU28 0019 5855 2238 5000 oder maacht eis en Digi op: +352 621 712 204.

## Wanderdag

An nach eppes fir déi sportlech ënnert eis: Den **3. Juli** geet den Elchi nämlech mat senge Kanner wanderen. Weider Infoe kommen nach no.

Hei de Kalenner mat alle weideren Ewenter:

28. Mee	ING-Marathon
1. Juni	Pubquiz
23. Juni	Nationalfeierdag
25. Juni	Socccergolf
1. Juli	Wäifest
3. Juli	Wanderdag
8. Juli	Studentebal
16. Juli	Grillfest
12. bis 14. August	35 Joer SLUF

De **Stammdësch** fënnt weiderhin **all Mëttwoch am Cheers** statt.

Haalt iech och schonn emol den **12-14. August** fir dem SLUF seng 35-Joer-Feier fräi.

De Comité seet ausserdeem all deenen e riiiiise Merci, déi eis den 28. Mee um ING Marathon hëllefen! Dir sidd déi Allerbescht!!!!

Haalt är Gewei weiderhin schéi steif,  
Ären Elchi